
WELL ET ËM MUER GEET.
DEMOKRATESCH PARTEI

# Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

mir liewen an enger Zäit vu grousse gesellschaftlechen, geopoliteschen an technologesche Changementer – zu Lëtzebuerg, an Europa an op der ganzer Welt. Dëst bréngt nei Chancen, ma och vill Risike mat sech, op déi mir musse preparéiert sinn. Et ass d'Verantwortung vun der Politik, fir iech konsequent Äntwerten op déi wichteg Froe vun haut a vu muer ze ginn.

Wéi kënne mir eis Infrastrukturen esou séier wéi méiglech ausbauen – zemol wat bezuelbaart Wunnen, eng effikass Mobilitéit an eng nohalteg Energieversuergung betrëfft?

Wéi garantéiere mir, datt eis Kanner a Jugendlech sech beschtméiglech entwéckele kënnen an eng optimal Bildung kréien?

Wéi suerge mir dofir, datt de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg stabil, dynamesch a konkurrenzfäeg bleift?

Wéi kënne mir vum Potenzial vun der Digitaliséierung a vun der kënschtlecher Intelligenz profitéieren – responsabel an zum Notze vun de Leit?

Wéi schütze mir eis virun de Géigner vun der Demokratie, déi eis vu bannen a vu baussen erausfuerderen?

Wéi garantéiere mir, datt mir all zesummen och an Zukunft an enger fräier, toleranter a solidarescher Gesellschaft kënne liewen?

D'DP beschäftegt sech intensiv mat dëse Froen a mat den Erausfuerderungen, déi domadder zesummenhänken.

Eis Ministerinnen a Ministeren an der Regierung, eis Deputéiert an der Chamber an am Europaparlament an déi séllege Gemengemandatairen uechter d'Land iwwerhuelen Dag fir Dag Responsabilitéit a gestalte Lëtzebuerg mat, engagéiert a léisungsorientéiert:

- Mir bidden de Mënsche gerecht Zukunftschancen.
- Mir schützen déi demokratesch Fräiheeten.
- Mir prägen den nohaltege Fortschrëtt vu Lëtzebuerg a vun Europa.
- Mir stäerken de gesellschaftlechen Zesummenhalt an eisem Land.

Léif Leit, mir wëllen iech op den nächste Säiten iwwert déi wichteg Projete vun eiser Politik informéieren an iech eis Léisunge fir d'Mënschen, eis Léisunge fir Lëtzebuerg virstellen.

A mir freeën eis, iech am Oktober an am November ze begéinen, wa mir an all d'Regioune vum Land kommen, fir mat iech perséinlech iwwer d'Zukunft vu Lëtzebuerg ze diskutéieren. Dir sidd elo scho ganz häerzlech invitéiert!

**Carole HARTMANN**
Parteipresidentin

**Gilles BAUM**
Fraktiounspresident





# D’Kafkraaft erhéijen, d’Mënsche stäerken.

Dat war nach ëmmer d’Prioritéit vun der Demokratescher Partei. An de leschte Jore gouf dowéinst d’Steiertabell ëm 6,5 Indextranchen ugepasst, d’Wunngeld gehéicht, de Mindestloun steierfräi gemaach an d’Energie-Primm verdräifacht.

Och d’DP-Iddi vun enger eenzeger Steierklass hëlt weider Form un – de Staat soll d’Mënschen d’selwecht behandelen, egal ob se bestuet, gepacst, celibataire oder oder Wittfra/-mann sinn. Fir d’DP ass kloer: Mat der neier Steierreform dierf keen eppes verléieren, am Géigendeel: 85 % vun de Stéit ginn zousätzlech entlaascht.

Donieft wëlle mir besonnesch déi, deenen et manner gutt geet, weider geziilt ënnerstëtzen. Mam alleréischten Nationalen Aktiounsplang géint d’Aarmut stellt d’DP sécher, dass d’Hëllefen och do ukommen, wou se gebraucht ginn. Konkret bedeit dat: d’Ausbezuele vun den Aiden automatiséieren, d’Krittären harmoniséieren, d’Hëllefen an d’Luucht setzen.

**Well et ëm muer geet.**

# **De Bildschierm op d'Säit leeën,** Neies entdecken.

Mir erliewen d'Welt ëmmer méi duerch en digitale Filter. Fir Kanner a Jonker ass déi vill Zäit um Smartphone oder an de soziale Medien dacks eng verlueren Zäit.

Dofir setzt sech d'DP fir d'*Screen-Life-Balance* an. An der Schoul, wéi och an der Kannerbetreiung, ass déi digital Zäit staark limitéiert. Bis 12 Joer ass de Smartphone verbueden, am Lycée staark ageschränkt. Op där anerer Säit soll dës gewonnen Zäit sënnvoll genotzt ginn. Sou ginn zousätzlech Aktivitéiten aus Sport a Kultur, Beweegung a Kreativitéit ugebueden.

Am Lycée sti lo 3 Stonne Sport op der 7e an der 6e um Programm. D'5e zitt d'nächst Joer no. E grousse Plus fir déi physesch an déi mental Gesondheet.

**Well et ëm muer geet.**



# **Wunnenge bauen,** en Doheem ginn.

Wunne fir jiddereen erschwénglech maachen, dat ass d'Zil vun dëser Regierung. Dobäi gëtt et keng Patentléisung, ma eng Panoplie vun eenzelen, innovativen Iddien.

Bezuelbare Wunnraum betrëfft eis all, sou datt ee kollektiven Effort néideg ass. Dofir ënnerstëtze mir besonnesch d'Gemengen a karitativ Associatiounen, ma och déi ëffentlech a privat Promoteure bei der Schafung vun abordabelem Wunnraum.

Generell wëlle mir méi a méi séier bauen, eist Land intelligent weiderentwéckelen.

Mat enger adaptéierter *Subvention loyer* ënnerstëtze mir Famillje mat Kanner nach méi staark. Mam *Jugendwunnen* stäerke mir Jonker an der Transitioun tëschent der Ausbildung an dem Beruffsliewen, andeem se eng Wunneng zu engem abordabele Loyer loune kënnen.

**Well et ëm muer geet.**





# Digital denken, den Alldag erliichteren.

Kënschtlech Intelligenz soll am Déngscht vum Mënsch stoen. Eis national Strategie orientéiert sech un ethesche Standarden a fërdert och de Fortschrëtt. Doduerch ginn net nëmmen d'Kompetitivitéit an d'Attraktivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg gestäerkt, mee och nei Aarbechtsplaze geschaf an d'Fuerschung ënnerstëtzt.

Och eis Verwaltung gëtt grondleeënd moderniséiert: méi Service a manner Bürokratie, mat *MyGuichet.lu* als zentral Ulafplaz fir all Demarchen. Et gëtt een seng Informatioune just eng Kéier un *(once only)*, an déi sinn da fir all d'Verwaltungen disponibel.

Datesécherheet, Transparenz an europäesch Zesummenaarbecht sinn d'Piliere vun dësem vertrauensvollen Ekosystem.

**Well et ëm muer geet.**

# Gespréich mam Vizepremier

**Xavier Bettel, wat sinn den Ament déi grouss Erausfuerderunge vun der Politik zu Lëtzebuerg?**

Lëtzebuerg steet, wéi vill aner Länner och, viru groussen Aufgaben a Verännerungen. Nieft esou wichtegen Theme wéi Wunnen a Mobilitéit musse mir och déi grouss sozial Froe wéi d'Pensiounen ugoen, wou de System muss fir déi nächst Generatioune garantéiert bleiwen. Dat ass eng Fro vu Verantwortung a vu Wäitsiicht. Gläichzäiteg dierfe mir d'Land net splécken. Politik muss Brécke bauen. Mir mussen zu Lëtzebuerg zesummen no vir kucken – just esou bleift eist Land staark.

**Wéi geet et elo mat de Pensioune virun?**

An de Gespréicher mat de Sozialpartner huet d'Regierung alle Säiten nogelauschtert. Si huet hir Proposen op verschiddene Punkten ugepasst a wäert elo Responsabilitéit iwwerhuelen an éischt Mesüren ëmsetzen. D'DP wäert d'Wieler bei den nächste Chamberwalen 2028 dann ëm e Mandat fir méi déifgräifend Reforme froen. De Lëtzebuerger Modell ass net ëmmer deen einfachsten a kascht Energie a Gedold. Mee um Enn ass eng Léisung, déi vun alle gedroe gëtt, ëmmer déi bescht – fir d'Gesellschaft a fir eis Zukunft.

Dat gëllt awer net just fir d'Pensiounen. Grad an engem klenge Land ass et wichteg, fir all gesellschaftlech Gruppen anzebannen a keen ze vergiessen. Dat mécht eis Demokratie staark a mécht eist Land méi resistent géint Krisen.

**Wou läit de Schwéierpunkt vun ärer Aarbecht als Ausseminister?**

Déi international Aktualitéit ass den Ament jo ganz mouvementéiert. De russesche Krich géint d'Ukrain ass scho mei wéi dräi Joer amgaangen an ass sécher eng vun de gréissten Erausfuerderungen. Et ass net nëmmen e Krich géint d'Ukrain, mee och géint Europa an eis westlech Wäerter. Dofir ass et entscheedend, datt mir als NATO an als EU-Memberstaaten zesummestinn.

Mee och de Konflikt am Noen Oste beschäftegt eis natierlech an engem grousse Mooss. D'Entscheedung vun der Regierung, fir e palästinensesche Staat unzeerkennen, ass eng Entscheedung fir de Fridden. An dat zu engem Ament, wou d'Zwee-Staate-Léisung en neien Elan brauch, wou Membere vum Sécherheetsrot Palästina als Staat unerkennen, an och muslimesch Länner sech engagéiert hunn, fir d'Relatioune mat Israel ze normaliséieren.
All dat dréit dozou bäi, datt de Staat Palästina existéiere kann an och d'Funktioune vun engem Staat iwwerhëlt. Deen Ament kënnen och demokratesch Walen organiséiert ginn.

Zesumme mat der Regierung hunn ech dofir als Ausseminister meng Responsabilitéit geholl an dem Regierungsrot d'Unerkennung vum Staat

Palästina recommandéiert. Fir dës Decisioun ze huelen, hat d'Regierung zanter 2012 e Mandat vun der Chamber.

Dat war keng Decisioun géint Israel oder fir d'Hamas, mee e Schratt a Richtung Fridden am Noen Osten. Als Lëtzebuerger an als iwwerzeegten Europäer musse mir eis ëmmer fir eis essentiel Wäerter asetzen, vun deene mir selwer profitéieren: Dat heescht Fridden a Fräiheet, Demokratie a Rechtsstaatlechkeet, Meenungsfräiheet a Support fir déi benodeelegt Mënschen. Dat sinn d'Valeuren, op deenen eis Gesellschaft fousst. A fir déi setzen ech mech all Dag an.

**Xavier BETTEL**
Vize-Premierminister

WELL ET ËM MUER GEET.





# **D'Kultur zougänglech maachen,** d'Mënschen zesumme-bréngen.

D'Demokratesch Partei wëll d'Kultur fir d'Biergerinnen an d'Bierger nach méi zougänglech maachen.

Am Kader vun engem nationalen Aktiounsplang ass dofir eng Dezentraliséierung geplangt, déi zesumme mat de Gemengen an de regionalen a lokale Kulturariichtunge virugedriwwe gëtt. Dozou gehéiert och eng besser Vermëttlung vu lokalen Traditiounen a Bräich. Esou gëtt dofir gesuergt, datt d'Kultur bei d'Leit kënnt – an d'Leit bei d'Kultur.

Ee weidere Schwéierpunkt ass d'Entwécklung vum kulturellen Tourismus, deen den Erhalt, eng besser Visibilitéit a Wäertschätzung vum kulturellen Ierwen uechter d'ganz Land mat sech bréngt.

Nieft dem Aféiere vum Aktiounsdag fir d'Lëtzebuerger Sprooch wäert d'DP de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen och an Zukunft weider stäerken.

**Well et ëm muer geet.**



# **D'Betriber stäerken,** de Wuelstand sécheren.

D'DP hëlt haut schonn Decisiounen, fir dass de Standuert Lëtzebuerg och muer nach attraktiv fir d'Betriber an hir Mataarbechter bleift.

Dobäi geet et drëm, gutt an interessant Aarbechtsplaze fir eis Biergerinnen a Bierger, a besonnesch natierlech fir déi Jonk ze schafen. Mir hunn donieft eng ganz Partie konkret Mesüre geholl, déi laangfristeg positiv Auswierkungen op d'Betriber hunn. Duerch eng Verdichtung an den Aktivitéitszone gëtt déi néideg Plaz geschaf, ouni weider Gréngflächen ze versigelen.

Gläichzäiteg gëtt an Zukunftstechnologië wéi den neie Supercomputer *MeluXina AI* investéiert, fir am internationale Verglach vir bäi ze sinn an d'Revolutioun duerch déi kënschtlech Intelligenz aktiv matzegestalten. An engems kann d'Konkurrenzfäegkeet vun eise Betriber gestäerkt ginn.

**Well et ëm muer geet.**



# Nei Weeër goen, Ziler erreechen.

D'Demokratesch Partei schafft all Dag dorunner, fir dass d'Biergerinnen an d'Bierger effikass a kamoud vun A op B kommen.

Mir schreiwen awer kengem vir, wéi en sech beweege soll, ma bidden eng Kombinatioun vu kompetitiven Alternative fir méi Liewensqualitéit.

De Schlëssel dozou ass e Mix vu Verkéiersmëttel mat de *Pôles d'échanges,* déi en einfache Wiessel tëschent Auto, Zuch, Bus an Tram erlaben, an all Dag dausende Pendler zouverlässeg transportéieren. Zum Réckgrat vun dëser zukunftsorientéierter Mobilitéit gehéiert den Tram. D'Ubannung un de Flughafe war e wichtege Schratt, an aner Erweiderungen – wéi d'Verknäppe mam Süden duerch de séieren Tram – sinn déi logesch Suite.

Duerch de konsequenten Ausbau vun der Vélosinfrastruktur an d'Verbesserung vun der Sécherheet, besonnesch duerch separat Vélosweeër mat roudem Belag, preparéiere mir eng nohalteg Zukunft.

**Well et ëm muer geet.**





# **Nei Quellen unzapen,** bezuelbar Energie garantéieren.

D'DP steet fir eng sécher, bezuelbar an nohalteg Energietransitioun. Mir maache Lëtzebuerg nach méi resistent géint international Krisen, Kricher an déi domadder verbonnene Präishaussen.

Déi héchste Prioritéite si fir eis d'Energiesécherheet an de garantéierten Accès zu méiglechst bëlleger a propperer Energie fir d'Entreprisen a fir d'Biergerinnen an d'Bierger. Am Kader vun der Consultatioun fir erneierbar Energie *Einfach, séier, erneierbar* ënnerstëtze mir d'Wand- an d'Solarenergie, zemol op Diecher, Parkingen an an Industriezonen.

D'DP suergt och mat staatlecher Ënnerstëtzung dofir, datt d'Energiepräisser zu Lëtzebuerg mat déi niddregsten an Europa bleiwen. Dobäi kënnt eng breet Fërderung vun neien Technologien, besonnesch am Beräich Mobilitéit a Wunnen.

**Well et ëm muer geet.**



**Eis Ministerinnen a Ministeren an der Regierung** (vu lénks no riets):

**Max HAHN** Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil • **Yuriko BACKES** Verdeedegungsministesch, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit • **Claude MEISCH** Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung • **Lex DELLES** Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus • **Xavier BETTEL** Vizepremierminister, Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten • **Stéphanie OBERTIN** Ministesch fir Digitaliséierung, Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul • **Eric THILL** Kulturminister, Delegéierte Minister fir Tourismus



WELL ET ËM MUER GEET.

# AM DIALOG MAT IECH.

## Salle des Fêtes zu ETTELBRÉCK

2, rue du Canal
**Mëttwoch, 22. Oktober 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL an
Eric THILL

## Salle Hihof zu IECHTERNACH

4, rue des Tanneurs
**Mëttwoch, 29. Oktober 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL,
Lex DELLES a
Carole HARTMANN

## Hall Polyvalent zu DIDDELENG

8, route de Bettembourg
**Dënschdeg, 18. November 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL,
Max HAHN a
Claude MEISCH

## Chouchou an der STAD LËTZEBUERG

41, rue de Bouillon
**Dënschdeg, 25. November 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL,
Yuriko BACKES a
Stéphanie OBERTIN

# Är Deputéiert fir den Zentrum



**Guy ARENDT**



**Simone BEISSEL**



**Corinne CAHEN**



**Patrick GOLDSCHMIDT**



**Lydie POLFER**



**Gérard SCHOCKMEL**

**WELL ET ËM MUER GEET.**

## AM DIALOG MAT IECH.

**Chouchou an der**
**STAD LËTZEBUERG**

41, rue de Bouillon
**Dënschdeg, 25. November 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL,
Yuriko BACKES a
Stéphanie OBERTIN

**Demokratesch Partei**
2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg
Tél.: 22 10 21
dp@dp.lu

Gitt Member vun der DP
Become a member
**dp.lu/member**

**FR | EN | PT**

**dp.lu**

# Är Deputéiert fir den Norden





**André BAULER**

**Fernand ETGEN**

**WELL ET ËM MUER GEET.**

**AM DIALOG MAT IECH.**

**Salle des Fêtes zu**
**ETTELBRÉCK**

2, rue du Canal
**Mëttwoch, 22. Oktober 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL an
Eric THILL

**Demokratesch Partei**
2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg
Tél.: 22 10 21
dp@dp.lu

Gitt Member vun der DP
Become a member
**dp.lu/member**

**FR | EN | PT**

**dp.lu**

# Är Deputéiert fir den Osten





## Gilles BAUM

## Carole HARTMANN

WELL ET ËM MUER GEET.

**AM DIALOG MAT IECH.**

**Salle Hihof zu IECHTERNACH**

4, rue des Tanneurs
**Mëttwoch, 29. Oktober 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL,
Lex DELLES a
Carole HARTMANN

**Demokratesch Partei**
2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg
Tél.: 22 10 21
dp@dp.lu

Gitt Member vun der DP
Become a member
**dp.lu/member**

**FR | EN | PT**

**dp.lu**

# Är Deputéiert fir de Süden



Barbara AGOSTINO



Luc EMERING



Gusty GRAAS



Mandy MINELLA

WELL ET ËM MUER GEET.

## AM DIALOG MAT IECH.

**Hall Polyvalent zu DIDDELENG**

8, route de Bettembourg
**Dënschdeg, 18. November 2025**
ëm **19:30 Auer**

mam Xavier BETTEL,
Max HAHN a
Claude MEISCH

**Demokratesch Partei**
2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg
Tél.: 22 10 21
dp@dp.lu

Gitt Member vun der DP
Become a member
**dp.lu/member**

**FR | EN | PT**

**dp.lu**